**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

| **Info-Box** | |
|---|---|
| Bestell-Nummer: | 13016LU |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Kaméidistéck: | 8 Akte |
| Bünebiller: | 1 eidelt App. |
| Spilldauer: | +/- 90 - 100 Min. |
| Rollen: | 12 |
| Frauen: | 6 |
| Männer: | 6 |
| Rollensatz: | 13 Hefte |
| Preis Rollensatz | 159,00€ |
| Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€ | |

**13016LU**

# Ze verkafen / Net ze verpassen

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

**Jos Weimerskirch**

Leseprobe: Verlagsverband

Inhalt

Sandra Simon, Chef vun enger Agence immobilière weist engem Client en Appartement. Am Appartement ass muss si feststellen wéi onuerdentlech et do ass an, dass och e Clochard deen do wunnt et als Tipp benotzt. Kuerz duerno kennt de Julien Hauser, fréiere Mann vun der Joffer Simon, a Chef vun enger anerer Immobilien Gesellschaft an d'Appartement fir enger Koppel, wat en Appartement kafe well, d'Appartement ze weisen. Duerno kommen nach aner Cliente déi all méi oder manner duerch d'Präsenz vum Clochard irritéiert sinn, e gefällege Polizist, eng aner Clochard Fra déi sech di Platz als Wunneng gudd virstelle kann, eng Botzfra déi e Geschwier huet an domadder geplot ass.

Wien vun hinnen all keeft d'Appartement ? Gëtt de Präis erofgesat oder onerschwénglech?

Verléisst de Clochard d'Gebai? Wien botzt d'Buedzëmmer? Wien frësst d'Aschenputtel?

All déi Äntwerten fënnt en an dësem Stéck! ….. Villäicht!

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

D'Stéck spillt an engem eidelen Appartement. Et si lauter Këschten do en eidel hëlze Wäikëschten. Al Tapéit a futtis Géigestänn di lenks a riets um Buedem trëllen. Et geet just eng Dier (e Gank geet an aner Zëmmer) oder méi Dieren (Entrée, Buedzëmmer, Kichen) grad wéi et sech am beschten gestalt

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Persounen:

| | Beschreiwung | Asätz |
|---|---|---|
| Sandra Simon **A** | Responsabel vun der Agence IMMOCHOC 2000 déi et zesumme mat hirem Mann kreéiert huet wéi se mateneen bestuet waren. No der Scheedung huet se nees hire Meederchersnumm ugeholl a fiert mat der Agence weider | 33 |
| Julien Hauser **C** | Nodeem hien vum Sandra Simon gescheet gouf huet hien d'Agence IMOCHOC 2010 gegrënnt a well all Kéiers virun senger Ex-Fra de Verkaf tätegen. Säin Ziel: en Dommen fir d'Appartement ze fannen. | 17 |
| De Wullert [Charel] **B** | De Clochard deen sech am Appartement installéiert huet. Hien schwätzt schlecht ass vulgäre, en drénkt ass knaschteg mee et ass kee schlechten,. Hien fillt sech wéi op enger Insel an d'Liewen zitt laanscht. Säin Ziel ass et esou laang wéi méiglech am Appartement ze bleiwen | 26 |
| Haer Jacobs **D** | Éischte Client vun der Joffer Simon. Seng Besichtegung wäert net laang daueren. | 4 |
| Haer Geditz Gaspard **E** | éischte Client vun Julien Hauser, fillt sech wéi e Gewënner bilt mat senger Fra eng schéin Koppel | 13 |
| Madame Geditz **F** | éischte Client vun Julien Hauser, ass vun hirem Mann iwwerzeegt, bilt mat him eng schéin Koppel | 14 |
| Madame Spielmann **G** | 2te Client vun der Joffer Simon. Hat huet séier keng Loscht sech d'Appartement unzekucken well d'Aart a Weis vun der Joffer Simon hir net gefält | 2 |
| Madame Grün **F** | 3te Client vun der Joffer Simon. D'Madame war schonn e puer Appartementer kuck mee entscheet sech net. | 10 |
| De Polizist **E** | Gouf vum Hauser geruff fir de Clochard aus dem Appartement ze kréien. Hien kennt de Clochard gudd an ass éischter sympathesch mat him | 8 |
| Haer Jumper **D** | Zweete Client vum Hauser. Hien ass ganz intresséiert a well per Force kafen | 16 |
| Madame Salsa **G** | Eng Botzfra déi vum Hauser ugestallt gouf fir d'Appartement ze botzen. Si ass voll motivéiert a voller Aarbechtsäifer.. E Schwier deet hir fierchterlech wéi. | 13 |
| Prinzessin [Ivanka] **G** | E "one night stand" vum Clochard. Hien huet et matgeholl mee et weess keen wéi a wou. | 5 |

Di eenzel Rollen kënnen och de Buschtawe no besat ginn. Da brauch een 7 Leit (4 H 3 W)

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

## Akt 1

*(Am Ufank vun der Szeen ass alles schwaarz. [Falls e Rideau do ass, ass deen zou]. Wann d'Luucht ugeet gesäit een e quasi eidele Raum. Um Buedem stinn e puer Kartongen a Këschte Wäin. Verschidde Géigestänn futti oder net méi ze gebrauchen sinn um Buedem verdeelt. Laanscht eng Mauer ass e Koup "Knascht" [futtis Kartongen, ale Stoff, futtis Géigestänn...])*

**D'Joffer Simon weist dem Haer Jacobs d'Wunneng.**
**[Joffer Simon/ Haer Jacobs]**

**Simon** *(vun hannen)* ... an hei ass de Salon... Maer maachen d'Riddoen op, dann ass alles méi schéin... *(si mécht d'Riddoen op, reell oder fiktiv. Eng Luucht beliicht de Raum, wéi d'Luucht vun engem Dag wou dobaussen alles gro ass)*

**Jacobs** Sou ass et awer net vill méi schéin...

**Simon** Daer wäert gesinn mat der Luucht um Plaffong ännert alles. Dreck Daer w.e.g. op de Knäppchen (*Den Haer Jacobs mécht d'Luucht un. Mat der Luucht gesäit een de ganze Chantier)*

**Jacobs** Wat ass dat fir e Chaos?

**Simon** Dat ass näischt, maacht d'Luucht aus, maacht se aus. Maer besichtegen am däischteren.

**Jacobs** *(mécht d'Luucht net aus)* Wat ass dat fir e Chantier?

**Simon** Wann een dat esou gesäit ass dat Zëmmer net fäerdeg.

**Jacobs** Dat ass dat mannst wat ee soe kann.

**Simon** Gleeft menger Erfarung, et gesäit een direkt, dass een aus dësem Appartement e richtegt Paradäis maache kann, et brauch ee just e bëssen Imaginatioun.

**Jacobs** E bëssen Imaginatioun an en décke Kont op der Bank. Et kéint ee mengen et wier een op engem Tipp - *(schnoffelt)* An dann dee schreckleche Geroch.

**Simon** Dat ass well d'Appartement net genuch geléft gëtt.

**Jacobs** Mach Daer hei net vill Visitten?

**Simon** Dach schrecklech vill. Maer ginn net fäerdeg. Et huet eng genial Lag.

**Jacobs** Genial Lag, mee keen keeft et. Perfekt, ech kann mam Präis handelen. Entschëllegt wann ech et nach eng Kéier soen, mee et sténkt.

**Simon** Et sténkt, et sténkt, dat ass vill iwwerdriwwen. Komm maer soen hei wier e liichte Geroch.

**Jacobs** Daer musst är Sinus'en opmaache loossen. Daer hutt e Problem mam Geroch ... *(hält him en Nuesschnappech dohin)* Wann ech gelift.

**Simon** Wat soll ech domat?

**Jacobs** Botzt Aer Nues.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Simon** Fann Daer, dass ech duerch d'Nues schwätzen soll?

**Jacobs** Schnäizt se eng Kéier soen ech.

**Simon** *(schnäizt, duerno schneit eng Grimasse)* Dat ass infekt. Wat sténkt esou?

**Jacobs** Ech sinn et net et ass entweder d'Appartement oder Daer sidd et.

**Simon** Nee, mee sot emol.

**Jacobs** Dann ass et d'Appartement. An ausserdeem ass e Chaos hei, Daer hätt kéinten fir d'Visite botze loossen. Wat sinn dat fir Kartongen a Wäikëschten, leider eidel ...

**Simon** Wisou eidel? *(si kuckt, erstaunt)* Tatsaach. De Proprietaire vu virdrun huet déi sécher recuperéiert. Mee soss, wéi fann Daer de Quartier? Flott gell!!

**Jacobs** Flott, mee eng richteg Wüst. Maer hu bal 25 Minutte gebrauch fir vum Busarrêt bis heihinner ze kommen an ech hu keen eenzege Buttek gesinn.

**Simon** An de Bäcker beim Busarrêt ass dat kee Geschäft?

**Jacobs** Dach ... op 25 Minutte vun hei.

**Simon** Daer gitt lues dat ass et. Mat de bëssen Training brauch Daer just nach 22 Minutten.

**Jacobs** 22 Minutten fir dohin an 22 Minutten fir zeréck, et brauch ee bal eng Stonn fir Sonndes Moies Croissanten sichen ze goen.

**Simon** Ech stoppen Aech direkt Här Jacobs. Ech garantéieren Aech, dass Daer keng Stonn braucht fir Sonndes Moies Croissante sichen ze goen. Well d'Bäckerei ass Sonndes zou. A sou wisou Croissanten si schlecht fir de Cholesterol

**Jacobs** Ech gleewen Aech net.

**Simon** Di eng soen esou, di aner esou. Ass keen sech do sécher! Loosst mech kucken. *(fillt dem Jacobs seng Stier)* Ech géif an Aerer Platz oppassen ... Wéi fann Daer de Salon?

**Jacobs** Ech fannen e richt schlecht.

**Simon** Dat sot Daer maer schonn. Maer reegelen dat direkt. *(et zitt aus senger Täsch eng Wäscheklamer a reecht him et)* Hei! *(de Jacobs mécht d'Stéck op seng Nues)* An? Ouni Geroch, wéi fann Dar et?

**Jacobs** *(pëtzt d'Nues zou)* Kleng.

**Simon** Kleng, 32 m2, An ech rechnen net d'Fläch vun der Fënsterbänken.

**Jacobs** Rechent Daer déi normalerweis mat?

**Simon** Natierlech. Huele maer emol e Beispill. Daer fëmmt eng Zigarett um Bord vun der Fënster.

**Jacobs** Ech fëmme net.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Simon** Meng Felicitatioun. Mee et ass just e Beispill.

**Jacobs** A mengem Fall geet dat net, well ech net fëmmen.

**Simon** Versicht Aech et virzestellen.

**Jacobs** Nee Merci, ech wëll kee Kriibs.

**Simon** Wann een sech et just virstellt, kann ee kee Kriibs kréien.

**Jacobs** Wat wësst Daer? Si Daer Gedankefuerscher? Fëmm Daer?

**Simon** Sécher net.

**Jacobs** Dat hätt ech net geduecht.

**Simon** Mee ech ka maer virstellen heiansdo bei der Fënster ze stoen fir eng ze fëmmen. *(hat stellt sech dohinner wéi wann et eng fëmme géif)* Wëll Daer eng? *(De Jacobs rëselt mat der Schëller)* Egal. *(hat zerdréckt di sech virgestallten Zigarette)* Wéi Daer wëllt, de Client ass Kinnek. Komm maer huelen en anert Beispill ëmmer nach um Fënsterbriet gestäipt drénk Daer e Whisky.

**Jacobs** Ech drénke kee Whisky.

**Simon** Kee Whisky, dann e Gin?

**Jacobs** Och net. Dovunner kréien ech ëmmer de Soud.

**Simon** E Muskat? *(Den Jacobs wénkt "Nee" mam Kapp)* e Rhum? *(dat selwecht)* e Wodka *(dat selwecht)* Waasser *(dat selwecht)* Et deet maer Leed, mee ech hunn näischt méi a menger Bar. Ech insistéieren net, de Client ass Kinnek ... *(fir sech selwer)* De Kinnek nervt *(zum Jacobs)* Wat drénk Daer wann Daer mat Kolleegen en Aperitif drénkt? Sot maer elo net Daer hätt keng Kolleegen.

**Jacobs** Dat sot ech net.

**Simon** Dat gefält maer. Wat drénk Daer?

**Jacobs** E Jus...

**Simon** E Kaffi?

**Jacobs** Nee en Uebstjus. Guave, Papaya, Kaki,...

**Simon** E lauter Saachen déi ee liicht fënnt. Ech riskéieren et net Aech ze invitéieren. Egal, aere Jus aus Kaka.. Kiki,... Kaki... Daer kënnt e gemittlech drénken an deem Daer um Fënsterbriet leit.

**Jacobs** Meng Kolleegen sëtzen ronderëm dee klengen Dësch an ech stinn widdert dem Fënsterbriet. Daer hutt eng komesch Aart a Weis Kolleegen ze empfänken.

**Simon** Daer maacht mat Aere Kolleegen wéi Daer wëllt. Et ass maer egal, ech kennen se net. Ob alle Fall et ass wéi ech Aech gesot hunn. Ech sinn fein mat Aech, ech rechnen d' Fënsterbänke net. *(ganz zevir kommend)* Geschenk!

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**De Wullert erwächt.**
**[Joffer Simon/ Haer Jacobs/ De Wullert]**

**Jacobs** *(zitt d'Wäscheklamer aus senger Nues)* Joffer Simon och mat der Wäscheklamer ass de Geroch net auszehalen. *(hält hir den Aarm hin)* Richt meng Kleeder, de Geroch ass an se agezunn ... do muss eppes Faules an de Kartonge sinn! *(e rennt mam Fouss an e Kartong)*

**De Wullert** *(Stëmm kënnt aus de Kartongen)* Wien ass do? *(de Jacobs an d'Joffer Simon kucken sech un ouni eppes ze verstoen, de Jacobs rennt nees)* Entrez! *(De Jacobs an d'Joffer Simon maachen e Schrack zeréck. De Wullert kënnt eraus aus de Kartongen. En ass knaschteg, schlecht ugedo, schlecht gekämmt, d'Joffer Simon an de Jacobs sinn erféiert)* Si Daer geschwënn fäerdeg mat Aerem genervs? Kann een dann hei net emol richteg schlofen. Fir hei laang schlofen ze kënnen muss ee spéit an d'Bett goen.

**Jacobs** Entschëllegt mech, Monsieur, mee wann ee spéit an d'Bett geet, da schléift, pennt een net laang, dat ass logesch.

**De Wullert** Wat seet dann de Maître Capello?
*De Wullert hieft sech. D'Joffer Simon an de Jacobs ginn e Schratt no hannen.*

**Simon** Mee,... mee,... mee,...

**De Wullert** Wat huet d'Bom?

**Jacobs** Ass dat de Proprietaire?

**Simon** Sécher net. *(zum Wullert)* Wat maach Daer hei?

**De Wullert** Ech froen Aech - Wéivill Auer ass et?

**Jacobs** 4 Auer siwwenzéng, geschwënn uechtzéng.

**De Wullert** Nee wat leselen. Erwäche mech matzen an der Nuecht. Verschwannt Band vu Parasitten.

**Simon** Daer sollt vun hei verschwanne, dat ass Privateegentum.

**De Wullert** Wee seet, dass dat Privat ass? Privat ass d'Heizen an de Waasserverbrauch, eventuell och nach de Konfort, Gudd, dass ech d'Elektresch beim Noper ugezaapt hunn.

**Simon** Daer hutt dem Noper säin Compteur ugezaapt? ... Ma dat ass geklaut!

**De Wullert** Ech bezuelen awer net de Jus vun enger Bracke déi net meng ass. Du bass awer witzeg.

**Jacobs** Bedenkt, wann ech d'Haus kafen, da wëll ech och vun aerem Uschloss profitéiere kënnen.

**De Wullert** *(zu der Mme Simon)* Den Haer ass net esou domm wéi en ausgesäit.

**Simon** Ech hunn e Mandat fir dat Haus ze verkafen, et ass wéi wann et mäint wier, also bieden ech Aech ze goen.

**De Wullert** Daer braucht mech net ze bieden, ech si kee Gleewegen *(beweegt sech bei säi Koup Knascht)* Elo dégagéier Bom. Maer feelt et u Schlof.

Lesеprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Jacobs** Sot emol e bësse Manéieren wier net zevill.
*De Wullert kënnt no bei en fir mat him ze schwätzen, de Jacobs rëffelt mat der Nues.*

**De Wullert** Wat dat ass zevill. Wëlls de e "Coup de Boule", Heini, ech kann Daer dee ginn. Gratis.

**Jacobs** *(entsat)* Ech weess elo wou de Gestank hir kënnt *(weist op dem Wullert säi Mond)* Et ass säin Otem... e Geroch vu Kanalisatioun vermëscht mat Beaujolais.

**De Wullert** Et ass kee Beaujolais, et ass Pinot noir vu der Musel, iwweregens net schlecht.

**Jacobs** Botz Daer ni är Zänn?

**De Wullert** Dach, all Joer fir Chrëschtdag. Ech sinn Ekologist, ech verbëtze kee Waasser

**Jacobs** *(zu der Joffer Simon)* Dee sténkt no Soff, dat ass schrecklech.

**Simon** De Wäin. Hien ass et deen e gedronk huet. En huet de Wäin aus de Këschte geklaut. Oh la la, do wäert de Propriétaire awer net frou sinn.

**Jacobs** *(kuckt d'Wäikëscht)* Wat ass dat fir e Wäin? ... Oh fräck Schengenerbierg 1985. E Wäin aus dem Traité-joer. Deen ass e Verméige wäert.

**De Wullert** Ech konnt jo awer net deshydratéieren.

**Simon** Daer hätt Waasser kéinten drénken.

**De Wullert** Waasser. Dat ass schlecht fir d'Gesondheet. Do raschten engem Plompen. *(weist bannen säin Mond)* Kuckt.

**Simon** (Entsat) Daer sidd voller Karies.

**De Wullert** Dat ass dat wat ech Aech gesot hunn, et ass wéinst dem Waasser. Ech hunn es vill gedronk wéi ech kleng war.

**Jacobs** Déo och net, Daer iwwerdreift net domadder.

**De Wullert** A neen, dat ass net gudd fir d'Hautschicht vum Môme.

**Jacobs** Wat fir e Môme?

**De Wullert** D'Couche vum Môme am Himmel.

**Jacobs** A jo an der Rei. Daer wëllt soen Ozonschicht.

**De Wullert** Wien ass den Ozone?

**Jacobs** Vergiesst et.

**De Wullert** Bopa bass de frou mat mengem Ozongeroch? *(hieft säin Aarm fir dem Jacobs deen dohinner ze halen)* Rich. Rich. Mäin Déo dat ass "Géi no hannen" vu Piff. Och wann d'Mécken net frou domadder sinn *(mécht wéi wann en den aarm net méi erof géif kréien)* Fräck. Ech kréien mäin Aarm net méi erof. Ech hu Buuschten déi pechen. *(hien laacht an*

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

*d'Simon an de Jacobs sinn entsat)* Ech maachen de Geck. Wat si Daer sensibel. Et ass näischt schlecht, et ass alles Natierlech.

**Jacobs** Natierleche Geroch vu Zersetzung. *(zu der Joffer Simon)* Joffer Simon, ech war begeeschtert vun däser Visite. Mee ech muss goen,...

**Simon** Waart d'Visite ass nach net fäerdeg.

**Jacobs** Fir mech dach. Ech sinn net interesséiert.

**De Wullert** *(gräift no der Fläsch)* Nach e Schlupp têschent d'Rëppen.

**Simon an Jacobs** Nee, Merci.

**De Wullert** Wéi Daer wëllt. *(en drénkt)*

**Simon** Kommt nach mat bis an d'Buedzëmmer ier Daer gitt

**De Wullert** Géi Bopa, Du wäers gesinn, do ass et flott *(e schmunzelt)*

**Simon** Daer maacht maer Angscht ... *(hat geet an d'Buedzëmmer a kënnt direkt erëm)* Wat ass dat fir en Duercherneen?

**De Wullert** Dat ass meng Poubelle. *(De Jacobs geet kucken)*

**Jacobs** *(kënnt entsat erëm)* Do ass alles voll.

**De Wullert** Dat stëmmt net. Et ass näischt am Lavabo ,*(stolz)* well do pissen ech ëmmer dran.

**Simon** Daer sidd schrecklech.

**De Wullert** Hätt ech dat op de Buedem gemaach, wier ech vernannt ginn. Lo hunn ech maer Méi gemaach a ginn awer vernannt.

**Jacobs** Ech ginn Joffer Simon. Ech erënnere mech, ech hunn e RV ech muss elo goen. Äddi...

**Simon** Kommt ech ginn mat Aech mat.

**Jacobs** Dat ass net néidech. Ech kennen de Wee. *(e geet Hals iwwer Kapp)*

**De Wullert de Kinnek vun der Wull.**
**[Joffer Simon / De Wullert]**

**Simon** Si Daer mat ärer Leeschtung zefridden?

**De Wullert** E bësse Kolleeg! Ech verjoe gären di besser Leit. *(e mécht wéi wann e mat enger Flënt schéisse géif)* Peng, Peng. *(e laacht)* Se sinn e bësse lues, méi lues wéi eng Kanéngchen.

**Simon** E war quasi decidéiert ze kafen.

**De Wullert** Ech wousst dat, dofir hunn ech e fort gejot. Ech kennen déi Zort vu Leit. Ech hätt do net kéinte bleiwen.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Simon** Natierlech keeft ee kee bewunnten Appartement wat vun engem, engem, engem, wéi Daer et sidd bewunnt gëtt.

**De Wullert** Fir wat net? Ech hätt mat him gedeelt, dann hätt hien dat jo och kéinte maachen. Fir ee Jonggesell ass dës Villa ze grouss.

**Simon** Wee seet Aech dann, dass hien Jonggesell ass?

**De Wullert** Mat deem sengem Inte-gewackels, géif et mech wonneren wann deen eng Fréndin hätt.

**Simon** Lauschtert emol Monsieur... Monsieur?

**De Wullert** *(Rescht hir eng Hand déi si net dréckt)* De Wullert. Jiddereen nennt mech esou, well ech sinn de Kinnek vum Gewulls. Gëff maer iergend eng Poubelle an ech garantéieren Daer, dass ech eppes dra fannen. Ech wëll net, dass ee mech kommandéiert, ech wëll éischter d'Kommandoen ginn.

**Simon** Vu wat lieft Daer?

**De Wullert** Beonrouegen ech dech? Heiansdo hunn ech e Plang deen et maer erlaabt Waasser a mäi Wäin ze schëdden.

**Simon** Entschëllegt, mee an dësem Fall seet ee net "Waasser a säi Wäin schëdden, et seet een éischter Botter an de Spinat maachen.

**De Wullert** Ech si guer net frou mat Spinat, ech hu léiwer Wäin.

**Simon** Haer Wullert ...

**De Wullert** Et ass einfach Wullert.

**Simon** Dat ass dat wat ech gesot hunn.

**De Wullert** Ech hat eppes anescht verstan.

**Simon** Egal. Daer musst goen. Ech komme nach mat anere Clienten erëm.

**De Wullert** Dat mécht näischt. Dat stéiert mech net, fillt Aech wéi doheem.

**Simon** Dat ass léif, mee dat stéiert meng Clientèle.

**De Wullert** Ech war als éischten do, fir wat soll ech goen?

**Simon** Well Daer hei net bei ech sidd. Daer sidd net de Proprietaire.

**De Wullert** Et war eidel wéi ech agezu sinn an deen deen et fënnt kann et behalen. Dat sot de Charles de Gaulle.

**Simon** Dat géif mech wonneren.

**De Wullert** Wann deen et net war, da wat et meng Bomi. Hien sot eppes anescht Bedeitendes. Hien sot de Virdeel ass et, wann ee grouss ass, dass ee net kleng ass. Dat gëtt nozedenken, Gell?

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Simon** Hu Daer schonn eng Kéier geschafft, Haer Wullert?

**De Wullert** Wéi ech kleng war wollt ech ëmmer héich eraus. Wësst der, ëmmer op den Dach klammen fir d'Kamäiner ze flécken. An haut hunn ech mäin Ziel erreecht. Ech sinn gamz uewen, ech sinn "Hoch" stapler, ech profitéieren vun der Gesellschaft. Ass dat keen Erfolleg? Lo verschwann Pëppchen. Ech muss eng Sieste maachen.

**Simon** Ech ginn net esou laang Daer nach hei sidd.

**De Wullert** Wéis de wëlls Häerzi *(e setzt sech op d'Këschten an huet ob emol eng Iddie)* So Pëppi, bass Du net am Gang no enger Ursaach ze sichen fir mat maer eng Sieste ze halen?

**Simon** Halt op mech ze duzen, maer sinn net mateneen an d'Schoul gaang.

**De Wullert** An der Rei, maach elo net wéi wanns de beleidegt wäers, ech hat méi flotter weis Du bei maer an der Klasse.

**Simon** Daer maacht Aech hei breet, dat beonrouegt mech.

**De Wullert** *(weist op d'Dier)* Allez hëpp, verschwann. *(si beweegt sech net an hien dréckt se bei d'Sortie)* Eraus.

**Simon** Ech ruffen d'Police, déi geheien Aech eraus.

**De Wullert** Da so dem Colombo e schéine Bonjour vu maer... *(Hien dréckt et eraus)* Knaschtsäck vu Leitsgeheier! A nee dat geet net, ech si jo de Leitsgeheier. Knaschtsäck vu Kapitalisten.

*E geet zeréck a leet sech roueg zeréck fir ze schlofen.*

**Schwaarz**

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck*
*"Ze verkafen/ Net ze verpassen"*

Wëll Dir dat ganzt Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

**Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck**
**Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text**
**Rout Bestellbox. Di ganz Rollen**
**Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen**

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www. mein.theaterverlag.de

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Vertrieb**
mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15
Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de –www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -